

## Ried zum Koalitiounsprogramm – Chamber 11. Dezember 2013 – Justin Turpel

Här President, Dir Dammen an Hären,  
Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

An der Regierungserklärung vu gëschter, an der mir näischt méi gewuer gi sinn wéi dat wat schonn am Koalitiounsvertrage steet, huet de Premierminister gesot, datt bei de Wale vum 20. Oktober *“d’Wieler déi eng Partei gestärkt, an déi anerer geschwächt huet”*. (Och dat ass näischt neies, mee wou de neie Premier Recht huet, huet e Recht ...). Vun de Parteien, déi hei vertruede sinn, goufen der genee 2 gestärkt: **déi Lénk** op der lénker, an d’DP op der rietser Säit vum politesche Spektrum. D’Piraten koumen och op bal 3%, kruten awer kee Sëtz. All déi aner hu verluer: d’CSV huet 4,4 % verluer, an ass net méi an der Regierung, d’ LSAP, déi grad wéi d’CSV 3% am Zentrum an am Süden verléiert, ass geschwächt an d’Koalitiounsverhandlung gaang, grad wéi déi Gréng, déi insgesamt 1,5%, am Süden an Zentrum bal 3% verluer hunn. Den ADR koom mat engem Minus vun 1,6% mat engem bloen An dervun.

D’Aufgab vun déi Lénk ass et déi Leit ze verrieden, déi net Schold sinn un der Kris, an awer ëmmer rëm dofir berappe mussen. A mir wäerten weisen, datt et wuel eng Alternativ gëtt zu enger Politik, déi di Räich ëmmer méi räich, an déi aner ëmmer méi arem, an d’sozial Ongläichheeten ëmmer méi grouss mécht.

Ech komme vum Duerf, dem selwechte wéi den Dr. Michel Welter, dee sech vrun 100 Joer an dëser „gesetzgebendes Versammlung“ als éischten Deputéierten fir mënschewierdeg Aarbechts-, Wunn- a Liewensbedingungen agesat huet. Haut gëtt sou een Asaz rëm ëmmer méi aktuell; sou waren beispillsweis a Spunien d’lescht Joer 6 Mio Leit ouni Aarbecht, 1,4 Mio Leit konnten hie Stroum net méi bezuele an souzen ouni Heizung do, 400.000 Leit sinn aus hiren Wunnengen ausgewise ginn, well si se net méi bezuele konnten. An déi Situatioun begéine mir an ëmmer méi Länner matzen an Europa. An Lëtzebuerg ass och an där Hinsicht keng Insel ...

An elo awer zum Koalitiounsprogramm:

Positiv am Koalitiounsaccord ass **d’Ambitioun de Stëllstand ze behiewen**, den Oproch an verschiddene Beräicher: „d’Fënsteren opmaachen“, wéi si et genannt hunn. Positiv sinn sécherlech eng Rei gesellschaftlech Reformen, déi scho laang iwierfällig waren a vun der CSV blockéiert goufen. Mee fir vill Leit wäert duerch dës open Fënstere ee ganz kale Wand era blosen, well d’Ausrichtung vum Koalitiounsprogramm – an doriwier sinn sech méttlerweil all Kommentatoren eens – kloer an däitlech vun den Interessen vun der Wirtschaft an dem Finanzsektor dominéiert gëtt. D’CSV seet selwer, 80% vum Koalitiounsprogramm wier d’Fortféierung vun hirer Politik – an ech mengen d’CSV ass mat deem Prozentsaz nach ganz bescheiden ...! An dee neie Finanzminister sträicht d’Kontinuität mat der Politik vun sengen Virgänger ervir.

De Lobbyismus vu verschiddene Wirtschaftskreeser huet sech demno bezuelte gemaach, an d’Lëtzebuerg Wort huet Recht wann et schreiw (LW 4.12.2013): *“Die einflussreiche*

*Investmentfondsvereinigung kann also aufatmen und sich für eine gelungene Lobbyarbeit im Vorfeld der Regierungsbildung beglückwünschen.“* Deen alen an neie Wirtschaftsminister Etienne Schneider huet ëmmer gefuerdert datt ee fir allemol kloer stelle misst, wat priméiert: d'Wirtschaft oder Sozialpolitik an d'Ëmwelt. Abee: d'Predominanz vun der Wirtschaft iwwert déi aner Politiken huet sech duerchgesat!

Awer d'Ambitioun sozial Ongläichheeten ze behiewen, gëtt et net; d'Vergréisserung vun de sozialen Ongläichheeten gëtt ouni weideres a Kaf geholl!

Nieft der Predominanz vu Wirtschafts- a Finanzinteressen, dréit de Koalitiounsaccord de Stempel vu villen, ganz villen Ukënnegungen, vill, ganz vill Etuden, Analysen, Iwwerleeungen déi a ville Beräicher gemaach solle ginn. Sou eng **Ukënngeungspolitik** kenne mir aus der Stad, wou – ausser Ukënnegung – oft näischt méi nokomm ass ... Ee Beispill: am Dezember 2011 krute mir an der Stad vum Buergermeeschter versprach, d'Verkéisimpaktstudie vum Ban de Gasperich zougestallt ze kréien; dat Versprieche – obschonns mir puermol nogefrot hunn – gouf bis haut net agehal a mir hunn déi Etude bis haut nach ëmmer net kritt! An der doten Ukënnegungen gëtt et eng Hellewull am Koalitiounsprogramm ...

Fir gewuer ze ginn wat hannert all deenen Ukënnegunge an schéinen Absichten stecht, froe mir – an enger Motioun – datt an all Kommissioun iwwert dat jeeweilegt Gebitt, d'Intentiounen vun der Regierung an déi méiglech Echeancen, geschwat gëtt.

Ech wëll drun erënneren, datt mir **Transparenz** ugekënnegt kruten, och an de Koalitiounsverhandlungen (*gësch* huet d'Regierung d'Berichter an d'Dokumenten vun de Verhandlungen op hiren Site veröffentlecht, an et war net méiglech déi bis haut ze liesen. Fir wat sinn déi net direkt, mam Koalitiounsaccord, veröffentlecht ginn? A fir war wollt d'Regierung de Koalitiounsaccord réischt gësch veröffentlechen, wat et onméiglech gemaach hätt sech seriö dermat auserneen ze setzen?!) An zur Transparenz gehéiert awer och d'Offeleeë vun der Zesummesetzung vun den Aarbechtsgruppen, déi sech mat deenen eenzelnen Kapiteln vum Koalitiounsaccord ofginn hunn, fir datt jidderee gesi kann, wéi eng Lobbyen do aktiv waren.

Här President,  
Dir Dammen an Hären,

De Premier Xavier Bëttel sot: „mir kënnen nëmmen dat verdeelen, wat mer hunn“; „et duerf ee net iwwert senge Moyenen liewen“. De Spëtzekandidat un der LSAP, Etienne Schneider, gouf net mit z'erklären datt „mir Wuesstem brauchen fir Aarbechtsplazen a Sozialpolitik ze garantéieren“. Dat kléngt wuel gutt, mee sou fonctionnéiert et net, an zwar aus enger ganzer Rei Grënn, vun deenen ech der dräi kuurz duerleeë wëll:

1) Wuestum schaaft net automatesch Wuelstand fir jiddereen. Och de Bundeskanzler Helmut Schmit huet 1974 behaupt: “D'Gewënner vun haut, sinn d'Investitioune vu muer, an d'Aarbechtsplazen vun iwwermuer” – mee a Wierklechkeet ass déi Rechnung net opgaang, well d'Gewënner net investéiert ginn sinn, a wann, da just fir ze rationaliséieren an Aarbechtsplazen ofzebauen; trotz ëmmer méi grouse Gewënner an deene leschten 30-40

Joer huet de Chômage ëmmer méi zougeholl! Den Wirtschaftswissenschaftler John M. Keynes war schonn 1930 der Meenung, datt duerch Wuesstem an Verbesserung vun der Produktivitéit 100 Joer méi spéit jidderen nach héchstens 15-Stonnnne d'Woch schaffe misst. Och hien huet sech geiert, well de geschafene Räichtum sech net automatesch verdeelt; „d'Naturgesetz vum Kapital“, wéi de Karl Marx se genannt huet, funktionéiert eben anescht wéi sech dat gewënnscht gouf!

2) Wirtschaftswuestum – an den An vun der Regierung d'Mamm vun alle Politiken – ass destruktiv fir Mensch an Umwelt, oder, wéi e Mouvement écologique et ausdréckt: *“Kontinuierliches Wachstum auf einem begrenzten Planeten ist schlichtweg nicht machbar, aus Sicht der weltweiten Gerechtigkeit nicht mehr zulässig, führt a priori nicht zur Lösung des Arbeitslosigkeitsproblems, nicht zu einer Verkleinerung der Schere zwischen Arm und Reich und auch nicht zu mehr Wohlstand. Nicht zuletzt: es ist kaum vereinbar mit dem Ziel des Erhalts von Lebensqualität, Natur und Landschaft u.a.m.”*. An och den widerhuelten Zousaz „no nohaltige Kriterien“ ännert näischt drunn, datt de Koalitiounsprogramm den Test vum Mouvement écologique grad an der Hinsicht net bestan huet.

3) d'Konzentratioun vum Räichtum uewen ass eng wesentlech Ursach vun der Spekulationskris. Mat dëser Politik steiere mir schnurstracks an d'Mauer vun der nächster Kris, déi vill Arbechtplaze kaschten waërt an rëm vun deene bezuelt soll ginn, déi se net verschëld hunn ...

De Problem ass, och zu Lëtzebuerg, éischer deen, datt deen enorme Räichtum, de geschafe gëtt, nët bei de Leit ukënnt. **Lëtzebuerg ass dat Land an Europa**, wou d'Betriber déi héchste Gewënner maachen kënnen, wou d'Lounkäschten am niddregsten sinn an trotz ëmmer méi Räichtum d'sozial Ongläicheeten konstant zouhuelen a vill Leit an Aarmut oder un der Aarmutsgrenz liewen. Ech spueren iech déi detailléiert Chifferen, mee si sinn kloer!

A wann d'Regierung lo all Joer wëll 1,5 Mia aspueren, souwuel beim Fonctionnement vum Staat – wou trotzdem eng Rei Déngschtleeschungen verbessert solle ginn – wei vrun allem och bei der Sozialpolitik, déi méi “selektiv” soll ginn, da wäert dat direkt Auswierkungen op d'sozial Situatioun vun ville Leit hunn. Souguer den RMG soll op de Leescht geholl, a ënnert der Sichtweis vun Hartz 4 ënnersicht ginn.

Obschonn zu Lëtzebuerg 2/3 vun de direkte Steieren vun de Stéit an nëmme 1/3 vun de Betriber bezuelt ginn, gëtt d'Kapitalsteuer net erhéicht; am Géigendeel: et gëtt puer mol betount dat déi lächerlech niddreg Taxe d'abonnement sou bleift! Et gëtt ëmmer rëm betount fir wat alles drugesat gëtt, fir duerch d'Steierpolitik nach méi Räicher op Lëtzebuerg unzezéien! Eng sozial gerecht Steuerreform ass net geplangt, net nëmme keng Räichesteier, och keng Verméigenssteuer, keng Erhéijung vun der Ierfschaftssteuer – alles Saachen déi d'LSAP awer an de Walen gefuerdert huet, och keen Matmaachen bei der internationaler Finanztransaktionssteuer, wéi déi Gréng et gefuerdert hunn, mol keng Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun oder Ofschafung vun den Ongerechtegkeeten vis-à-vis vun de Witfraen a -männer oder Leit déi gescheet si ginn!

Dem géinteniwwer soll awer d'TVA ropgesat ginn, wahrscheinlech ëm 2%. Dat ass eng vun deene ongerechtesten Steiermassnahmen déi een iwwerhaupt huele kann, well do d'Konsumenten an vrun allem déijéieg gestrooft ginn, déi hiert Akommen fir hieren

Liewensënnerhalt brauchen. Hiert Liewen gëtt méi deier, an hiert Akommes waärt ëmmer manner duer goen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

An dann sollen d'Indexmanipulationen vun deene leschte Joeren weidergefouert ginn. Sou krut d'Patronat vun 2006-2013 ëmmerhin 1,5 Mia op Käschte vun de Leit hire Léin a Pensiounen geschenkt! An dat soll lo sou weidergoen – an souguer- mam definitive Verloscht vun puer Tranchen - definitiv an d'Gesetz ageschriwwen ginn ...!? Dobäi ass d'Verréckelen an d'Aussetzen vun ganzen Indextranchen total ongerecht, well se jidderee bestrooft, egal wéi niddereg säin Akommes ass!

A sécherlech stinn nach am Kader vun der besoter" méi selektiver" Sozialpolitik, eng Rei aner Moosnamen un, déi maachen, datt déi Leit, déi d'Kris net verschëld hunn derfir bleche mussen, an datt déi, déi wierklech vill hunn, ëmmer méi kréien. Mir wëssen net wat sech hannert der geplangter Reform vun der Fleegeversécherung verstoppt a maachen ons Suergen ëm de Solidaritéitsprinzip vun der Sozialversécherung an dem Pensiounssystem.

Grad am Beräich vum Chômage muss vill geschéien, mee et ass ze faärten, datt de Chômage weider genotzt gëtt fir nach méi bëlleg Aarbechtkräften zer kréien.

Et ginn Alternativen fir eng aner Sozial- an Wirtschaftspolitik. Vrun allem duerch eng aner Steuerpolitik a Steiergerechtegkeet, sou wéi mir an d'LSAP se an onse Wahlprogrammer duergeluecht hunn. Mir bräichten och eng Wirtschaftspolitik, déi d'Ofhängegkeet vun der allénger Finanzwirtschaft konsequent a Fro stellt. Eng systematesch an konsequent wirtschaftlech Diversifikatioun, grad sou wéi eng aktiv Wirtschaftspolitik vum Staat ass – trotz verschidde Neiorientéierung – net geplangt. *Den Wirtschaftsminister hat während dem Wahlkampf op enger Patronatsversammlung seng Nolauschterer verséichert all déi Steiermoosnamen déi seng Partei virgesi géif just dozou géifen déngen en Deel vu senger eegener Basis ze berouegen. Elo wësse mer datt dat net ironesch gemengt war.*

Här President, Här President,  
Dir Dammen an Hären,

Eng Rei Moosnahmen, déi an de **Beräich „Demokratie stäerken“** falen, sinn ze begréissen.

Sou wéi mir dat gefuerdert hunn, ass virgesinn eng breet ëffentlech Debatt mat verschidde Referenden iwwert **d'Verfassungsreform** z'organisieren. Mir hoffen datt eng wierklech demokratesch Debatt, wou jiddereen déiselwecht Mëttel zur Verfügung gestallt kritt fir seng Meenung virzedroen, zustan kënnt. Mir verlaangen datt dobäi och aner Froen, wéi déi véier déi de Koalitiounsprogramm oplëscht, diskutéiert kënne ginn, wéi z. Bsp. D'Stärkung vun de Grondrechter, vrun allem soziale Rechter – d'Recht op Waasser, Recht op Aarbecht, Recht op Wunnen, solidaresch a kollektiv Sozialversécherung – awer och d'Recht op informationnell Selbstbestëmmung, d'Roll vun der Monarchie am Parlamentarismus; Trennung vu Kierch a Stad oder besser d'Aschreiwene vun engem laizistesche Stad an d'Verfaassung.

Dann geet et och dröms **d’Bierger** besser un den Entscheidungsprozesser deelhuelen ze loosse. Den Zougang vun alle Bierger zu den Dokumenter an Informatiounen vum Stad (och der Chamber) a Gemengen soll an an engem neie Gesetz (Säit 7) oder iwwert Amendementer vum Gesetz vun der virrechter Regierung (Säit 64) – dat ass net kloer – gereegelt ginn. Mir brauchen méi Initiativrecht fir d’Bierger zu Referenden, d’Recht op Ufroen un d’Chamber a Regierung, ee Recht vun de Bierger och op parlamentaresch Initiativen – eppes wat e.a. iwwert d’Petitiounskommissioun méiglech gemaach misst ginn – Dofir si mir och prett d’Presidentschaft vun der Commissioun – wann d’Chamber domatt d’accord ass – z’iwwerhuelen an aktiv zu enger Stärkung vun den Initiativrecht vun de Bierger bei ze droen!

Iwwrigens soll och all **Deputéierten**, egal vun wéi enger Partei, gläich Rechter hunn. Dat war bis lo net de Fall a soll – och dat ass positiv- elo gréisstendeels – och ouni “Trapebesetzung” – realiséiert ginn.

Ganz kloer misst och d’**Bespëtzelung** vun de Bierger opgeschafft ginn – souwuel déi duerch de SREL, déi “historesch” an déi aktuell, wéi och duerch aner Instanzen – an déi noutwendeg Konsequenzen doraus gezu ginn. Doriwwer bräichte mir weider Opaarbechtung vun enger Enquêtekommissioun! Mir hunn an dem Sënn eng Resolutioun um Chambersbüro hannerluecht. Déi nei Definitioun vun de Missiounen vum Spätzeldéngscht, sou wéi se nach vun der leschter Regierung geplangt an zu Pabeier bruecht si ginn, sinn fir ons inakzeptabel; dorann kritt de Spätzeldéngscht weit gefächert Méiglechkeeten, bis hnin zum “grossen Lausch- und Spähangriff”, souwuel am öffentleche Raum wéi an private Wunnengen! Mir hoffen, datt demnächst och d’Recht op informell Selbstbestëmmung, dat et an anere Länner, z. Bsp. an Däitschland gött, och zu Lëtzebuerg endlech rechtlech verankert gött, an datt soulaang dat net geschitt ass, ee Moratoire iwwert dat alt Gesetz, wat d’Schreddere vun Dossieren erlaabt, verhaang gött. An dem Sënn hu mir eng Motioun verfaasst. Net zulescht wier et wichteg, fir Wistleblower wéi Edward Snowden an Bradley Manning ze schützen; Lëtzebuerg soll eng Initiativ huelen, fir dem Snowden an Europa Asylrecht a Schutz ze garantéieren.

Losst mech et kloer an däitlech soen: Mir mengen datt et gutt ass, datt **d’CSV** net méi an der Regierung ass, an den CSV-Staat ausgebremst gött. Mee, vergiesse mer net, datt mat der Politik déi déi nei Regierung mécht, d’CSV awer nach ëmmer mat derbäi ass – sou wéi wann se mat op der Regierungsbänk setze géif wieren. Wann déi nei Koalitioun wollt beweisen, datt een der CSV hier Finanz-, Wirtschafts- a Sozialpolitik och ouni d’CSV ka maachen, dann ass dat hier lo scho gelong!

Dat stëmmt och fir d’Europapolitik vun der neier Koalitioun, deeër hier Oplagen an Austeritéitsvirschrëften dës Regierung unerkennt an, grad wéi déi Regierung virdrun, nach ënnerbitt! An dat, obschonns sou eminent Perséinlechkeeten wéi den Wirtschaftsnobellpreisdreier Joseph E. Stiglitz – grad nach vrun puer Wochen op enger Konferenz um Kierchbiereg – vru genee sou enger Politik warnen, well se d’sozial Ongläichheete an d’Virussetzunge fir an d’Mauer vun der nächster Kris ze rennen, just nach verstärkt.

Här President, Här President,  
Dir Dammen an Hären,

An enger ganzer Rei Beräicher well dës Regierung do weider fueren, wou vrun 5 oder méi Joer opgehal ginn ass. Dat stëmmt fir **Transportpolitik** (MODU – wou zousätzlech iwwert eng Eisebunnsliin op Saarbrécken geschwat an d’Ausdehnung vum Tram op de Findel, Cloche d’or an Zéisseng beschleunigt soll ginn). Dat stëmmt och fir **Landesplanung** (IVL), inklusiv **plans sectoriels** (Wunnen, Landschaften, Transport, Aktivitéitszonen) – déi lo – wéi gefuerdert – (endlech) verëffentlecht an och ëffentlech diskutéiert solle ginn. Et ass just ze hoffen datt och do d’Mëttelen an d’Zäit do sinn, fir déi Diskussioun breet an demokratesch ze féieren.

An aanere Beräicher, wéi **Ëmwelt/Energie/Klimaschutz**, bleift de Koalitionsaccord weit hannert den Erwaardungen zrëck. 11% erneierbar Energien am Joer 2020 ass alles anescht wéi ambitiéis. Da selwecht stëmmt am Beräich vum Klimaschutz, den och aus Siicht vum Mouvement écologique “onbefriddigend” ass, well “konkret Zieler bei der Reduktioun vun den CO2-Emissiounen feelen”.

Och am Beräich **Wunnen** ass – iwwert de Fait, dat Bauterrainen vrun allem am Perimeter fräigesat solle ginn – villes onkloer. Dorops wäerte mir am Detail zeréckkommen, grad sou wéi op d’Beräicher Schoul a Kultur.

Ofschléissend well ech matdeelen, datt de Serge Urbany an ech als eng vun onsen éischten Handlungen als nei vereedegt Deputéiert, zesumme mat Deputéierten aus aneren Länner een **europäisch Manifest vun Parlamentarier géint Faschismus** ënnerschriwwen hunn: a ville Länner kommen déi brong a nationalistesch Iddien rëm héich an an Ungarn an Griicheland gëtt rëm an Uniformen am Gleichschritt duerch d’Stroosse marschéiert an Minoritéiten stigmatiséiert. Wann d’Leit vun der Politik – an dozou gehéieren och dës Regierung an dës Chamber – keng Äntwert op hier berechetegt Suerge, Ängschten an Erwaardungen kréien, da wäerten a ganz Europa, och zu Lëtzebuerg, Rietsdemagogen an Nationalisten ëmmer méi Uklang fannen. Sou eng Léisung wëlle mir net an dat musse mir verhënneren!

Här President, Här President,  
Dir Dammen an Hären,

Zum Schluss wëll ech betounen, datt villes an onser Gesellschaft gezechent ass, net nëmmen vun ëmmer méi grouss sozial Ongläichheeten, mee och vun engem absolute Mangel u Respekt vrum Mënsch. Ouni dee Mangel u Respekt vrum Mësch wier et net méiglech datt all 6 Sekonnen op eiser globaler Welt ee Kand un Honger oder enger Krankheet stierft, wou d’Mëttelen do sinn (an och hei bei eis zu Lëtzebuerg gebunkert ginn), d’Mëttelen fir dat ze verhënneren, ons Gesellschaft et awer net fäerdeg bréngt deenen se zoukommen ze loossen, déi se brauchen. Ouni dee Mangel u Respekt vrum Mënsch géife Leit, déi fort lafen vru Krich an Honger, net kriminaliséiert, ofgewis an erdrénke gelooss (jo si, d’Affer, gi kriminaliséiert, an net d’Krichsdreiwier an déi déi vum Krich an Ausbeutung profitéieren). Leider ass dee Mangel u Respekt vrum Mënsch (an der Natur) net einfach duerch warem Appeller, wéi se ëmmer rëm gär gemaach ginn, ze behiewen, well e **méi déif**

**Ursaachen** huet: an zwar ee Gesellschaftssystem vu Striewe no Profit, wou „d’Naturgesetzer vum Kapital“ (Karl Marx) méi wichteg sinn wéi d’Liewen vun de Mënschen a vun der Natur. Un dësen Ëmstänn wäert des Chamber näischt grondsätzlech ännere; dofir brauch et ausserparlamentaresch Mobiliséierungen an Strukturreformen, déi dee Gesellschaftssystem a Fro stellen ... Mee déi kommen réischt dann, wann “déi Uewen net méi kënnen”, an “déi Ënnen net méi wëllen”! Mee mir waarden net bis déi Zäit do ass. Och elo, am Hei an Lo, gëllt et all Mëttelen ze notzen fir Diskriminéierungen an Ongerechtegkeeten ze bekämpfen!

Ech soen Iech Merci fir äer Opmierksamkeet.